Lifestyle - Intelligenz Moossen

# IQ-Tester fir Erwuessener a Kanner zu Lëtzebuerg

Vum Anne-Sophie Heck (Télé), k2 (RTL.lu)|Update: 05.10.2019 18:32|

Zwee Mol am Joer organiséiert d'Mensa IQ-Tester fir Erwuessener a fir Kanner.

Vill Leit maachen dësen Test, well se virwëtzeg sinn. Mat engem IQ iwwer 130 gehéiert een zu den héichbegaabte Leit.

Wann ee vun Intelligenz schwätzt, kënnt een dacks bei d'Thema IQ. Mam sougenannten Intelligenz-Quotient soll, wéi den Numm et seet, d'Intelligenz vun enger Persoun gemooss ginn. Dofir ginn Tester organiséiert, esou och hei zu Lëtzebuerg. Dat vu Mensa, enger Societéit fir Leit mat engem iwwerduerchschnëttlech héijen IQ.

Et ass bal wéi an der Schoul. Roueg setzen se hei iwwer hiert Blat gebéckt a loossen hiren IQ, de sougenannten Intelligenz-Quotient, moossen. Déi Meescht sinn aus Virwëtz komm. Et gi vill Méiglechkeeten, den IQ bestëmmen ze loossen. An dësem Fall ass ee standardiséierten Test, bei deem ee kleng Rätsele richteg léise muss. Um Internet-Site vu Mensa kann och jidderee Beispiller vu Froe probéieren. Et ass also keng opwänneg Ënnersichung mat Psychologen, sou de President vu Mensa Lëtzebuerg Marcel Cox. D'Iddi wier et, de Leit séier an einfach ze erméiglechen, hiren IQ geschat ze kréien.

Mat engem IQ ronderëm 100 läit een an der Moyenne vun der Bevëlkerung. Iwwer 130 zielt een an der Reegel zu de sougenannten Héichbegaabten. Zu Mensa gehéiert een, wann den IQ an den ieweschten 2% vun der Populatioun läit. A Mensa, dat ass och eng Communautéit, wou Leit Gläichgesënnter fannen.

Natierlech géif den IQ eleng net duer goen, fir ze wëssen, wat d'Kompetenzen an d'Wësse vum Mënsch sinn. Wéi eng Persoun am soziale Liewen am Ëmgank mat aneren eens gëtt, dat géif een um IQ net gesinn. Mensa zielt hei am Grand-Duché iwwer 80 Memberen. Den Test gëtt 2 Mol d'Joer organiséiert, fir Erwuessener an och fir Kanner.